Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. September 2024

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Ekonomieminister an den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Den 18. Juli war um Zitt vun RTL ze liesen, datt de "Luxembourg for Future Fund 2" insgesamt 15 Milliounen Euro an d'amerikanesch Batteriëfirma Lyten investéiert. Schonn an engem Memorandum of Understanding vum 5. Oktober 2023 war festgehale ginn, datt Lyten säin EU-Haaptsëtz zu Lëtzebuerg soll huelen.

An deem Zesummenhang géif ech de Regierung gär dës Froe stellen:

1) War d'Entscheedung vum Oktober 2023 den EU Haaptsëtz zu Lëtzebuerg ze maachen eng vun de Viraussetzunge fir d'Investitioun vum uewe genannte Fong?
2) Ass dem Fong vun der Regierung suggeréiert gi fir eng Investitioun ze maachen?
3) Huet d'Regierung och aner materiell Virdeeler an Aussicht gestallt?
4) Wat sinn d'Aktivitéite vu Lyten zu Lëtzebuerg? Administrativ, kommerziell oder R&D?
5) Wéi vill Aarbechtsplaze solle mëttelfristeg duerch d'Néierloossung vu Lyten entstoen?
6) Kann d'Regierung eng Aschätzung ginn, wéi wäit dës Aarbechtsplaze vu Leit kéinte besat ginn, déi aktuell am Land wunnen?

Mat déiwem Respekt,

Tom Weidig
Deputéierten